**Evangelium vu Christi Himmelfahrt (Joer C)**

**Lk 24,46-53**

46 De Jesus sot zu senge Jünger: "Esou steet et geschriwwen: De Christus leit, an deen drëtten Dag steet hie vun den Doudegen op;

47 an sengem Numm gëtt alle Vëlleker en Ëmdenke verkënnegt, fir datt d'Sënnen nogelooss ginn. Vu Jerusalem aus

48 gitt dir Zeien heifir.

49 Kuckt, ech schécken dat, wat mäi Papp versprach huet, op iech erof. Bleift an der Stad, bis dir d'Kraaft vun uewe kritt hutt!"

50 Dunn huet hien si erausgefouert op Bethanien zou. Hien huet d'Hänn gehuewen an si geseent.

51 Iwwerdeems hien si geseent huet, ass hien eropgefouert ginn an den Himmel an huet si zréckgelooss.

52 Si awer hunn hien ugebiet, a voller Freed sinn si hannescht op Jerusalem gaang,

53 wou si bestänneg am Tempel waren an den Herrgott gelueft hunn.